PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , , den 18/05/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.

Vill Betriber waren an der Pandemie mat niddregen Ëmsätz a weiderlafende Käschte konfrontéiert. Si sinn dofir deelweis mam Bezuele vun hire Rechnungen a Verzuch geroden, och vis-à-vis vum Staat. An esou Fäll kann de Staat eng Saisie vum Bankkont decidéieren. Duerch d'europäescht Reglement vum Mee 2014 kann ee Staat souguer eng Saisie op auslännesche Bankkonten ufroen.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Bankkonte vu **personnes morales** si säit Mäerz 2020 vum Staat wéinst net bezuelte Créancë saiséiert ginn (opgeschlësselt no Mount)? Wéi eng Verwaltunge respektiv Etablissements publics hunn dës Saisie lancéiert?
   Wat war den héchste saiséierte Montant? Wat war den niddregsten? Wéi héischt waren d'Montanten an der Moyenne?

2. Wéi vill Bankkonte vu **personnes physiques** si säit Mäerz 2020 vum Staat wéinst net bezuelte Créancë saiséiert ginn (opgeschlësselt no Mount)? Wéi eng Verwaltunge respektiv Etablissements publics hunn dës Saisie lancéiert?
   Wat war den héchste saiséierte Montant? Wat war den niddregsten? Wéi héischt waren d'Montanten an der Moyenne?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député